

## Fir déi demokratesch Grondrechter a géint de Mëssbrauch vun der Geschicht

Stellungnahm vum «Comité pour la mémoire de la Deuxième Guerre mondiale» zu den Tëschefäll bei de Corona-Manifestatiounen

Déi Haaptmissioun vun deem duerch e Gesetz vum 21. Juni 2016 geschafene «Comité pour la mémoire de la Deuxième Guerre mondiale» (CM2GM) besteet doranner, fir d'Erënnung un den Zweete Weltkrich héich ze halen an dobäi besonnesch der Jugend de Souvenir un déi fir Lëtzebuerg schrecklech Joeren vun der Naziokkupatioun ze vermëttelen, fir das sech esou eppes nie widderhuele kann

Dofir kënnt de CM2GM net derlaanscht, fir op verschidden Tëschefäll ze reagéieren, déi besonnesch bei der net ugemellter Manifestatioun vum 4. Dezember 2021 an der Stad Lëtzebuerg vu Géigner vun der Politik fir d'Bekämpfung von der Covid-19-Pandemie a vun anere Querulante provozéiert goufen. Dobäi ass nämlech d'Geschicht vum Zweete Weltkrich gläich an e puer Ponkten op eng inakzeptabel Manéier mëssbraucht ginn.

Guer näischt verstane vun der Geschicht vun der Shoah hunn déi Manifestanten, déi mengen, mat engem Juddestär misste géint d'Impfungen ze protestéieren. Den Naziën ass et nämlech mat hire Rassegesetzer drëms gaangen, e ganz Vollek ze vernichten, wogéint duerch déi aktuell sanitär Virsichtsmaassnahmen an d'Impfungen d'Bevëlkerung virum Doud -mëttlerweil gött et trotzdem schons bal 900 Stierffäll- a virun enger schwéierer Krankheet geschützt soll ginn. Dass och Vergläicher mat den Impfungen vum Krichsverbriecher Josef Mengele, Dokter am KZ vun Auschwitz-Birkenau, a mat SS-Methode gezu ginn, ass méi wéi verwerflech.

Wa Randaléierer ouni Respekt op d'Nationaldenkmal Gëlle Fra -Symbolfigur vun der Lëtzebuenger Fräiheet an Onofhängegkeet virun allem och am Zweete Weltkrich- klammen, wann d'Polizei d'Entrée vun der Chamber viru Manifestante schütze muss, wa friddlech Matbierger an hir Familljen sech op Chrëschtmaert menacéiert fillen a wann d'Privatwunnenge vu Politiker belagert ginn, da kann een nëmmen haart an däitlech soen: Wehret den Anfängen!

Versammlungsfräiheet an Demonstratiounsrecht si grad ewéi d'Pressefräiheet Grondelementer vun eiser demokratescher Gesellschaftsuerdnung. Déi eng däerfen op kee Fall einfach esou vu Provokateure mëssbraucht an d'Pressevertrieder grad esou wéineg vun hinnen attackéiert ginn, wa sie hirer Informatiounspflicht nokommen.

Den Exekutivbüro vum «Comité pour la mémoire de la Deuxième Guerre mondiale»

Josy Lorent, Präsident, Claude Wolf a Guy Dockendorf, Vizepräsidenten